


FRO' AN E'EREN

# D'Pappeland

Lëschtegt Stéckelchen an 1 Akt

VUM

R. R.



1935

IMPRIMERIE-LIBRAIRIE WINTER FRÈRES

Redange-sur-Attert

125

---

---

*Aus der Zeitong :*

„An enger Stâdt, dohannen um Balkan, woren 1934 Stodente-krawaller. Do ass ower d'Virschrëft, datt, wann d'Nationalhymn gesongen gët, jidderén muss stoe bleiwen, den Hutt afdongan o'der uschloen. We' du d'Polizei ugerëckt ass, fir d'Strôssen ze raumen, hun d'Studenten d'Nationallidd ugestëmmt. d'Polizei huet sech missen ro'eg verhalen a stramm stoen, bis d'Lidd zo' Enn wor. An dér Zeit ower haten d'Studenten le'nks a rechts vun der Strôss all Fënschteren ageschloen an sech aus dem Stëps gemét.“

---

Dén iwerdriwenen, verrückten Nationalissem gët an dem Stéckelchen hei e we'neg erbeigeholl.

---

**Perso'nen :**

Ändri	{	Stodenten
Nëkel		
Batt		
Franz, de Wirt		
Bärend, de Bannhiddar		
Tûtert, en Harmonikaspiller		
Mätti, é Buew		
Grippsjang, en Abrécher		
Garavous, e Gendarm		



D'Stëck spillt zo' Iwerall, an enger Wirtsstuff.

## I. Optrët.

(Eng Wirtsstuff. d'Dir, wo'me'glech, an der Mëtt, datt én se gudd vum Sall aus gesi kann. Et wiér och net schlecht, wann an derselwegter Wand, no bei der Dir, eng Fënschter wiér, durech de' én aus- an aklammen könnnt. De Wirt stét an Hiémsärmelen beim Comptoir a liést an der Zeitong. Fir sech :)

Wirt. — (Iwertdém, datt en d'Zeitong hölt:) Da loss mer nach e we'neg nom Journal kucken. An da kann én sech sècher erëm gre'ng a giél iérgeren. (me' lues) zemol, wann én net vill fir den Iérgé braucht ! ge'w elo den Zeie Barend son, wann en hei wiér. We' wann ech é Krege'ler wiér, é Klengegkétskre'mer ! Mä, ech hun ower recht. D'ganz Welt ass om Hond, an et wiér he'ch Zeit, dat emol erëm eng Ke'er gehe'ereg Remedur geschäft ge'w, och hei am Land ! (hié fänkt beim Titel von der Zeitung un an huet un alles auszesetzen :)

«Gazette vum Pappeland» oder «Pappelänneschen Anzeiger.» Dä ! do hu mer et jo schon ! Wuerfir dann do dat friéndlännescht «Gazette» do, o'der dat friéndlännescht «Anzeiger» ? Wuerfir stét dann net do eis Sprôch, eist sche'nt kräftegt a säftegt Pappelännesch ? Et ass fir ze lâchen ! — Et ass jo wo'er, wann se ge'wen „d'Zeitong“ schreiwen, da wiér dat och nach Auslännesch ; mä de' Kiérelen do vun der Zeitong können sech jo de Kapp e we'neg ustrenge, da fannen se sècher eppes. Ech sin net do, fir déne Redakteren hir Arbecht zo mâchen an en de' richteg Wiérder ze sichen. Dat können se selwer mâchen ; si gi jo duerfir bezuel ! A wann se neischt Besseres opdreien, könnens' altmengetwiégen, Ke'sblat schreiwen oder Gequatsch, et ass mir egal !

«Zwischen zwei Welten». Jo, jo, «zwischen zwei Welten» ! Hätte mer net genug mat eis ze dongen ? Et ass fir ze lâchen ! Lôsst d'Welten d'Welte sin a, kuckt emol, datt e mer hei am Land

emol e we'neg me' op eis selwer hâlen, an d'Plâtz ëmmer nëmmen rechts a leunks no dénen anere Welten a Länner doerëmmer ze lüssen an ze schiltzen. Dat wiér vill besser ! Datt e mer emol e we'neg me' stolz ge'wen, an eist Pappeland emol e bësche me' ge'wen hervirstreichen. Wién sech neischt möcht, dén ass och neischt !

«Aus dem Ausland» Je, je, je, de' arme Speitzmännercher !

«Bilder aus Deutschland» Ja, ja, dat si mer Biller !

«Aus der Saar» Ja, ja, allavanti, hopp !

«Vom Völkerbund» Pâckt a meng Jongen ! Viel Geschrei und wenig Wolle ! Ja, ja.

«De Roman» Dat liésen ech net me'. De' Kiérelen hu jo kë Karakter ! (*Hié kuckt ower ganz genä iwert d'Reien*) Wann ech d'Joffer Anita wiér, ech ge'w em e Fo'ss hannebei, datt e ge'w drei Mol noenén de gro'ss Marmortrapp eraffle'en ! Dé Wandjang, dén en ass ! (*Weisst op d'Mëtt von de Kolonnen*) Gesit der, do ass et jo rëm just d'selwecht ! Du Wandjang do ! (*schle't d'Blat em*) Allavanti ! Ab !

«Inland» Kammerrevue. Dén ale Quatsch !(*Gét iwert den Artikel weg*) Mâcht ére Wo'scht selwer ! Eso' läng, we' der mer net besser fir eist Pappeland suergt, datt mer me' respekte'ert gët an der Welt, liésen ech neischt me'. Dann huet der dat dervun ! Wuerfir hu mir keng Militärflugzeugen ? Wuerfir hu mir keng Musel- a Sauerflotill mat Unterseeboten a Bombengeschwader ? Wann et och e puer Su ge'ng kaschten ? Wo' können de' aner Länner Respekt fir un eis hun ! Wién sech neischt möcht, ass och neischt ! Eso' soen ech !

«Lokales» Versteigerung ! — Autounfall ! Versteigerung — Autounfall ! — Versteigerung ! — Autounfall » ! Majo, weider gët et jo neischt me' ! Versteigerung-Autounfall-Jagdgelder. Jagdgelder-Autounfall-Versteigerung !

«Bonzelt» (*Kuckt ganz gespant*) A wat ass dann dat do? Oh! (*liést*)

Gestern schlug der hiesige Schöffe dem Bürgermeister in öffentlicher Gemeinderatssitzung... vor, den Dorfbrunnen etwas reinigen zu lassen. (*hié mächt én dëcke Mond*) Ah so' ! Ech hat schon eppes aneschter gemengt. Dat elo ass och nach derwert !

«Versteigerung-Autounfall-Jagdgelder !»

«Rippig-Zittig» (*liést*) Glück beim Unglück hatte gestern der hochbetagte frühere Bannhüter Peter Trauhmnicht. Als er nämlich um die Mittagstunde gemütlich, und nichtsahnend, sein Pfeifchen rauchte, hörte er draussen ein gewaltiges, ohrenbetäubendes Getöse. Als er einige Zeit später nachsah, fand er, dass seine schon lange baufällige Scheune nebst Stallungen vollständig in sich zusammengebrochen waren und nur mehr einen wüsten, staubenden Trümmerhaufen bildeten. Neben den Trümmern hockte die Katze und war gänzlich unverletzt. Ob sie zur Zeit des Unglücks nicht in den fraglichen Gebäulichkeiten weilte, oder ob sie sich im letzten Augenblick durch einen Verzweiflungssprung zu retten vermochte, lässt sich allerdings nicht feststellen; Tatsache jedoch, dass sie mit dem Leben davonkam.

Zapristi, de' hat Chance !

«Letzte Post.» Genf, Genf, Genf, Genf, Jo, jo, jo, 't ass well gudd !

«Frankfurt, Leipzig, Berlin, Hitlerjugend und S. A.» Oh, jo, marsch a virun !

«Gerichtszeitung». Datsi mir ze kleng Buchstaven, an 't ass op franzese' sech !

«Sport-Geldkurse» De' Article fe'ere mer net.

«Annoncen.» Ass ké gesturwen ? (*fiért huerteg mam Fanger vun enger Annonce zur anerer*) Hm ! Nicksda !

An hei! «Zwangsvorsteigerung». Gerichtlicher Verkauf. Peter Huclen. Gerichtsvollzieher. — (*lächt*) Dat musse reich Häre

sin, de' Gerichtsvollzieheren! All Abléck lossen se eppes iwer-goen, bal én Haus, bal én Auto, a vill Villaen... (*d'Dîr gét op, an de' dreî Stodenten Aendri, Batt an Nëkel kommen eran. Si se fro' a monter.*)

## 2. Optrët.

**Stodenten.** — (*Iwer dem Rakommen, hiéwen se d'Kâp.*) Gudden Nowend, Wîrt !

**Wîrt.** — Gudden Nowend, dir Hären! (*dëngschteifreg*) Wat wiér gefällig, wannigglift ?

**Batt.** — E gudden Humpen an eng Zigar. Well den Nowend gët gefeiert.

**Ändri an Nëkel.** — A fest !

**Wîrt.** — (*fro'*) Gewëss, dir Hären, do huet der ganz recht! Fréd muss am Liéwe sin, dés anere kritt én nach genug derbei. (*Hié gét d'Humpen an d'Zigarekëscht sichen. An dér Zeit strecken d'Studenten d'Käpp zesummen a schwätzen hémlech e puer Wuert matenén, de' én ouer net am Sall verstét.*)

**Wîrt** — (*setzt de Be'er op den Dësch a récht d'Këscht mat den Zigaren ronderëmmer*) Eso', dir Hären, prost ! 't ass O'schterbräu, an d'Zigaren sin eng echt Havana ! (*d'Studente spëtzen de Mond.*)

**Wîrt.** — (*virwëtzeg*) A wat feiere mer dann, dir Hären, wann ech froen duerf ? Huet der vleicht én Exame gepackt, o'der gët vleicht é vun Iéch bestued ? (*d'Studente lâchen.*)

**Batt.** — (*begéschtert*) Mä, nén, mir feieren dat neit Gesetz, dat se gëschter an der Chamber gemét hun. Allabonheur ! Dat ass d'Affär !

**Wîrt.** — (*verwonnert*) Dat neit Gesetz? Wat ass dat dann ? Dovunnen hun ech nach neischt gehe'ert.

**Nëckel.** — Mä huet der dann d'Zeitung vun haut nach net géliést ?

**Wîrt.** — Dach, elo grad, vun Ufank bis un d'ENN, mä ech hun neischt Apparte'es dra fond.

Ändri. — Ei, ei ! An 't stét nach do a Spärdrock !

Wirt. — (*sprëngt no der Zeitong*) Wo' dann, da weisst mer et ! Wat ?

Ändri. — (*dre'nt op de' zwét Seit*) Hei, den Artikel : D'Nationalhymn.

Wirt. — Dén hat ech net gesin. Watt ass dann domat, mat der Nationalhymn ? Liést et emol vir !

Nékel. — (*liést*) Matt alle Stëmme gént keng énzeg huet haut d'Chamber an öffentlecher Sitzung dat neit Gesetz vote'ert iwert eis Nationalhymn: «**Eist Pappeland.**» Et huet 4 Artikeln:

1. Dat Héchst, wat mer hei am Land hun, ass eis Hymn „*Pappeland*“.

2. Eso' bal, we' d'Pappeland gesongen oder gespillet gët, an der Oeffentlechkét o'der a Privatwunnongen, huet all Bîrger opzestoen, den Hnt afzedongen a ro'eg stoen ze bleiwen, bis d'Lidd aus ass.

3. All Bejamten an der Uniform stin an der Zeit stramm, halen dé recht Hand un der Kâp an de' Le'nk un der Boxentüsch.

4. Wién sech net un dat Gesetz hält, gët pretekolle'ert a ge-strôft, mat 50 bis 7000 Frang Bo's o'der 14 Dég bis 27 Joer Prisong.

D'Gesetz ass vun der zwéter Afstëmmung entbonnen a gleich a Krâft.

Studenten. — Bravo, Bravissimo !

Wirt. — (*zum e'schte misstrauesch*) We' ? Ass dat richteg ? Da weist et emol hiér ! (*hié kuckt an d'Zeitung -- fro'*) Ma mengerwiéregen ! (*ganz begéshert*) Bravo, bravissimo ! An dat hun se an eiser Chamber fiérdeg bruecht... Kuckt, ech hätt net gemengt, datt se eso' eppes emstand wiéren. Huet dann och dé neien Depute'erter vu Bonzelt dervirgestëmmt ?

Studenten. — Jo, all worn se dervir, kén dergént !

Wirt. — Allabonheur ! Eso' soll et och sin. Lâng genug hu mir Pappelänner keng Pappelandsle'ft a kén Hémechtslidd op-

bruecht. 't ass Zeit, datt dat anechter gét.

**Batt.** — Ganz recht, Här Wirt. Wién sech neischt möcht, dén ass och neischt ! Wann é sech net selwer respekte'ert, we' sollen dann dé aner é mat Respekt behandeln ?

**Nékel.** -- Jo, endlech brauche mer eis mol net me' virun dénen aneren Natio'nen ze schuemem ! Kuckt emol nämmen d'Preisen : «Deutschland, Deutschland über alles...» héscht et. A Frankreich kritt én d'Kap vum Kapp geschloen, wann én se net huerteg afdét, wann d'Marseillaise erte'nt, an eso' ass et iwerall. E Bravo eiser Chamber, datt se datselwecht agefe'ert huet hei am Land.

**Andri.** — (*me' ro'eg we' de' aner*) 'tassrichteg, Jongen, nämmen ech mengen, 't soll én ower neischt iwerdreiwen an neischt ze vill op d'Spëtzt dreiwen. 't soll én op Seint halen, mä de' aner och liéwe lossen. Dat kann dach net stëmmen, wann jidderén op der ganzer Welt se'ngt : «Iwer alles, iwer alles mer !» Ech mengen, dat wiér lächerlech, weider neischt. Alles mat Môss, we' de Schreiner sot, we' en d'Kanner der Rei no mam Méter lassgezugen huet !

**Batt.** — (*be's*) Oh, wiérs du och alt gudd an dér Rei gewiést, dass des eng Fahrt matkritt häss, du Vaterlandsverräter, du, du Meckerer do ! Du bass eng Schlöfhauf a bleiws och eng. Wann s'all am Pappeland deng Ideen hätten, könnte mer mam Patriotissem apâcken.

**Nékel.** — (*och be's*) Du hues recht, Batt. Mat dém ass neischt ze mâchen.

**Andri.** — Dach, 't ass mat em ze mâchen, mä, ech soen et nach eng Ke'er : 't soll én neischt iwerdreiwen ; an dir wérd och gesin, dat Gesetz werd net lâng daueren ; 't ass eng Lächerlechkét.

**Wirt.** — (*be's*) D'Gesetz ass gudd a keng Lächerléchkét, soen ech ; an et ass eng Schân, datt e jonge Mënsch, we's du, eso' eng Riéden hält. Kuck, wanns de de Be'er do net nach hallew ze

dre'nken häss, gehe'ch ech dech einfach virun d'Dir. Hei ass eng patrio'tesch Wirtschaft, miérk der dat ! Ech fannen dat Gesetz ganz gudd, a wién et net fënd, dé kann einfach dobausse bleiwen ; eso' soen ech.

Baft. — (*sicht de Wirt ze zëssen*) Losst dé goen, Här Wirt, et ass e Bolshevik, an 't bleiwt én. Mä, fir e rôsen ze mâchen, stëmme mer elo gleich d'Pappelidd un, a wién net matmëcht, we' d'Gesetz sét, dé gët ugeklâckt, an domat fiérdeg.

Wirt. (*fro'*) Allabonheur, jo, lass !

### 3. Optrët.

(*de' Vireg. Se si feierlech opgestanen, hun d'Hitt an d'Kapen afgedongen a sangen ; De Wirt lauschtert an ass ergraff*)

Studenten. — Eist Pappeland, eist Pappeland, eist Pappeland  
soll liéwen

He'ch, he'ch, he'ch ;  
Eist Pappeland, eist Pappeland, eist Pappeland  
soll liéwen

He'ch, he'ch, he'ch, he'ch, he'ch, he'ch !

Et ass dat Höchst an aller Welt,  
Vum Buedem bis zum Stiérenzelt,  
Et gët mat all Respekt genannt,  
Dat Gre'sst, dat Sche'nst, dat Bescht...  
Eist Pappeland... (*Refrain*)

De' aner Länner alleguer  
Sin némmen Dreck, én Neischt gént eis,  
De' aner Mënschen o'ni Zuel,  
Gént eis gerechent, Leis...  
Eist Pappeland... (*Refrain*)

Dat muss eis virop ömmerzo',  
A kascht et Kallew, Perd a Ko' ;  
A kascht et d'Liéwen, Geld a Gutt  
Fir d'Pappeland eist Blutt.  
Eist Pappeland (*Refrain*)

**Wirt.** — (*Wann d'Lidd aus ass, setzt de Wirt seng Kap erëm op a wësch't sech hémlech eng Tre'n aus den Aen.*) Bravo, dir Hären, dat huet der gudd gemét ! Dre'nkt aus, ech gin én Humpe fir neischt ! Ah ! jo ! fir d'Hémecht ass keng Weis ze sche'n, (*mat engem Blëck op den Aendri*) well wién fir eist Pappeland neischt iwreg huet, dé ka mer gestuelen gin. (*hié gét bei de Comptoir, fir de Be'er ze zapen ; iwertdém gin sech d'Studenten hémlech Zéchen, de' de Wirt ower net gesin duref. An dém Ablëck könnt de Bärend, de Bannhiddar, zur d'Dir eran*)

#### 4. Optrët.

**Bärend.** — Bonsoir, dir Hären !

**Studenten.** — Bonsoir !

**Wirt.** — (*opfällig*) Gudden Nowend ! So, Bärend, dat friéndlännescht Bonsoir do gefällt mer net. Loss mer einfach bei eisem sche'nen, alen, pappelänneschen Gudden Nowend bleiwen, dat ass vill me' sche'n !

**Andri.** — (*dén sech be's stellt*) Mei le'wen Här Bannhiddar, hei gët én den Nowend gescho'lmeschert, 't ass mir och scho geschitt.

**Bärend..** — (*verächtlech*) Gescho'lmeschert vun uewen, gescho'lmeschert vun énnen. Ech hat gemengt, mir hätten es well genug mat dém neie Gesetz do vum Pappeland ; 't ass fir ze lâchen.

**Wirt.** — (*spre'ngt be's op e lass*) Ah eso' ? Du bass och der Bolschewiken én, dér Vaterlandsverächteren én, eso' én Nichtarier, dén iwerall an ne' erends wollt dohém sin. An dat ass nach é Bejamten ? Pfuiii !

Bärend. — Et kann én é Beamten sin, an nach ewell e gudden, o'ni verréekt ze sin.

Wirt. — Wién bei eisem Pappeland net opstét, d'Kâp afdét an eso' virun, gët afgesat.

Bärend. — Wohl dém, der sich zu helfen weiss! Wann én net der lanscht könnt, da stét én op, jawohl ! Mä, wo' én sech drëeke kann, do drëekt én sech. Eeh werd et schonn anzerîchte wëssen, datt ech mer d'Hänn net beim Uschloen verrenkemuss.  
*(hié möcht de Gest vum Uschloen a Strammstoen. d'Studenten gin sech hémlech Zéchen.)*

Wirt. — Drëekebiérgeren si ne'erends respekte'ert. Wat dre'nkst de ?

Bärend. — Eng gro'ss Dröpp. *(d'Studenten hun rëm d'Käpp zesumme gestreckt, a sprôchen énertenén. An der Zeit bre'ngt de Wirt d'Fläsch erbei a schétt dem Bärend eng eraus.)*

Wirt. — Prost ower ! *(We' de Bärend d'Glas ophiéwe wëllt, fir ze dre'nken, stëmmen d'Studenten de' e'scht Strof vum Lidd erëm un. De Wirt an de Bärend setzen huerteg Fläsch an d'Glas nidder. De Bärend stét stramm a schle't un, de Wirt dét d'Kâp af. De Wirt kuckt scho vill manner begéschtert dran, we' am Ufank. No der e'schter Stroph, man d'Studenten eng Paus. De Wirt dét d'Kâp erëm op, an hält dem Bärend d'Hand dohinnen, fir seng Suen ze kre'en.)*

Wirt. — Fofzeng Su, wanniggelift !

Bärend. — Gewëss, ,wer gleich bezahlt, vergisst es nicht' ! *(Et dauert eng Zeitchen, bis en de' richteg Mënz an den Täschen zesumme fënd. De Wirt fänkt un ongedöllig ze röffelen.)*

Bärend. — Zeng, élef, zwiélef, anénhalewen, dreizeng... *(do stëmmen d'Studenten de' zwét Stroph un. De Bärend stécht huerteg d'Suen, de' en am Grapp huet, rëm an d'Täsch, a stét stramm. De Wirt muss erëm d'Kâp afdongen. Hié werft gëfteg Blécker zo' de Studenten. No do zwéter Stroph, kleng Paus. De Bärend wëllt huerteg d'Dröpp usetzen, mä hié könnt net derzo', well d'Studenten de' drëtt Stroph ufänken. De Wirt dét*

erëm d'Kap af a kuckt ganz rôsen. Iwert der drëtter Stroph he'ert én do-baussene puer frech Buewen hârt peifen a mat Steng un d'Dir werfen. De Bannhiddeder bleiwt ro'eg ston, bis d'Lidd zo' Lenn ass, da stîrmt e fort, fir de Kiérelen ze fänken. Iwert dem Fortlafen jeitzt en :)

**Bärend.** — Da wârt elo, dir Lausdeiwelen, ech werd Iéch...Gare, wann ech é vun iéch erwëschen ! (*d'Studente lâchen*).

**Wirt.** — (*wann de Bärend fort ass*) Dir Hären, lauschtert, ech muss Iéch eppes soen. Dir wësst, ech si ganz fir dat neit Gesetz. Et ass ganz gudd. Mä, dann dirft ower och dat Lidd net op Schrëtt an Trëtt vun Hipjes an Hâpjies ugestëmmt gin, soss muss dat Unfug gin, dat ass jo klor, netdîrt ?

**Baft.** — Oah ! dat ass net eso' schlëmm. A wann sech dat emol sollt fannen, datt et zo' Unfug fe'ere kann, dann ass jo d'Gesetz erëm huerteg afgeännert o'der én anere Paragraph beigefleckt. Einstweilen muss én d'Gesetz huelen, we'et do leit.

**Wirt.** — Jo, mä alles mat Môss !

**Nékel.** — (*huerteg*) ... sot de Schreiner.

## 5. Opträet

(*Dobaussen he'ert én en Harmonikaspiller erbeikommen. Hié je'nkt un eppes vun der Marseillaise o'der vum Deitschlandlidd*).

**Wirt.** — (*be's*) Nu lauschter ower emol dobaussen é Mënsch ! Do könnt och eso' é Stâches, we'et schengt, dén och net me' wéss, wo' en ass ! Da mâcheimer Gesetzer fir d'Pappeland', an eso' én Drâch spillt èmmer vun iwert de Grenzen. (*An dém Ablëck he'ert én, we' de Spillmann och an d'Pappelidd gere't. D'Studenten sti stramm an dongen hir Hitt af. De Wirt kuckt rôsen no der d'Dir. An der drëtter Stroph könnt de Spillmann eran. D'Studenten klatschen Beifall. De Wirt sét neischt, gét hannert de Comptoir a spullt un de Gliéser*).

**Baft.** — Ah ! Spillmann, dat huet der gudd gemâcht ! Respekt fir d'Leit, de' Le'wt zum Hémechtsland opweisen.

**Spillmann.** -- Ah, 't ass nach Fréd an der Welt, an 't gët der all Dag me' ! Well elo, wann é matt dem Instrument durch d'Dirfer

gét, an si stin iwerall stramm, hannert de Mëschten an han-  
nert den Teimeren, bisé fiérdeg assan ophält, da könnnt e jeitzen  
vu Lëschtegkét, a Liéwensfréd.

**Wirt.** — (*granzeg*) Um hellen Do sollt én net op de Strôsse mat  
enger Harmonika spiller dirfen !

**Spillmann.** — (*verdross*) A wuerfir dann nit ? Spill ass Spill ; an  
iér eist Pappeland gesongen o'der gespillt gët, dat ass dach  
sécher ént an datselwegt !

**Wirt.** — 't soll én neischt iwerdreiwen !

**Spillmann.** — Je, wat solle mer da streiden, breng mer le'wer eng  
Dröpp, ech si bal erdischert.

**Wirt.** — (*gét beim Bannhider sei Glas a lüsst deriwer, fir ze kucken, iér et nach voll ass*) Ceça ! So, Spillmann, hei ass nach eng Dröpp,  
de' guer net ugefângen ass ; huel de' alt, soss ass se derno  
verláscht !

**Spillmann.** — We' lâng stét se da schon do ?

**Wirt.** — Höchstens eng Ve'erelstonn.

**Spillmann.** — 't ass egal, dann huelen ech se. Enaner ass net kor-  
je's, an ech froen och net, wat se kascht. (*Hién höllt huerteg d'Dröpp eraus, hölt d'Harmonika a klimpert e puer Te'n. De Wirt fert, et ge'ng erëm un mamm Pappelidd a fûsst sech huerteg zur hënneschter d'Dir fort. D'Studente lâchen. Wann de Wirt fort ass, stét de Spillmann op, hölt seng Harmonika, an ass, ént, zwé, dervun.*)

**Nékel.** — O' ! well ass dén derdurech ! Dat nennt én op preisesch  
,sich empfehlen.'

**Wirt.** — (*könnt erëm an d'Dir lüssen, a wann e geseit, dat neischt stramm-zestoen ass, trëppelt en erëm genëschelt eran. Hié kuckt verwonnert nom Spillmann a frét d'Studenten :*)

**Wirt.** — Den Tûtert ass dach net fort !

**Baft.** — Mä dach, we' et schengt. Hién huet frëndlech «Gudden  
Nuecht» gesot, a fort wor en. Lauschter, doënnen an der Strôss  
je'nkt et schon erëm um Pappelidd. (*Wirt ergreift sei Bengel a*

wëllt em noläfen. Be's.) Dén Zechpreller, dé Neisehnnotz! O wärt, wann ech dech erëmkre'en, der Jomer hölt dech... (*We' en zur d'Dir auswëlt, hällt de Batt en zrëck*).

**Batt.** — Här Wirt, ech mengen, dir hätt besser heizebleiwen, soss musst der nach doënnen an der Ströss d'Kâp afdongen, an dat wiér bosseg. (*lächt.*)

**Wirt.** — (be's) Oh, matt érem domme Pappeland ! Eeh hun nach ëmmer geduecht, de' Geschicht do gët de rengsten Unfug ! (*Iwertdém fitt d'Dir op, an de Bannhiddes schléwt de Buew, dé mat Steng un d'Dir geworf huet, mat viller Me' eran. De Buew stréft sech mat alle Kräften.*)

## 6. Optrët.

**Bannhiddes.** — Ah, me' le'we Jong, hei musst de eran, du dengs et giéren o'der net! An da gëst deemol gele'ert, d'Steng leienze losse, wo' se leien an net dénen aner Leiden hir d'Diren dermat ze bombarde'eren. Gléw mer es ! (*zum Wirt*) Wirt, laf huerteg an de Schapp, an da bre'ngs de mer egudden hòmbichenen, hiéselter o'der Birkebengelchen, a bëssen én dëeken a kräftegen, huerteg, huerteg! (*De Buew struewelt a jeitzt a wëllt sech lassrappen.*)

**Buew.** — Ech soe menger Mamm et, au, au ! ech soe menger Mamm et; et worn de' aner ; ech wor et net, ech wor et net!

**Bannhiddes.** — (ro'eg) Mitgegangen, mitgefangen, mitgehängen ! (*Buew jeitzt virun.*)

**Bannhiddes.** — Wat brëllst de da well ? Mâch lues, du hues Zeit, wann et mol richteg lass gét ! (*D'Studenten strecken erëm d'Käpp zesummen.*)

**Bannhiddes.** — (*sicht de Buew op den Dësch ze tesselen, datt en en parat huet, wann de Wirt mam Bengel erëmkönnt ; de Buew hält d'Hänn hanner op d'Box a biérelt. Hié wëllt sech ëmmer emdre'nen, an de*

*Bärend huet vill Me', fir e leien ze behalen. Ongedölleg:)*

**Bannhiddler.** — Wo' bleiwt dé Kiérel nömmen eso' läng ! (*De Wirt könnt mam Bengel :)*

**Wirt.** — (*fro'*) Eso', hei ass d'Affär ! Hei, Bärend, an da mœchs de derbei, dat dé Kiérel et verhält, é fir allemol ! De' Schwein musse gewinnt gin ; Léds genug, datt hir Pappen an hir Mammen et net mâchen, an datt nach de' aner Leid sech domat musse ploen !

**Bärend.** — Oh, dat ass neischt ; de' mâchen dat den Nowend giéren ! (*Buew jeitzt an engem virun. We' de Bannhiddler wëllt ufänken ze klappen, stëmmen d'Studenten aus vollem Hals erëm d'Pappeland un. Beim e'schten To'n lisst de Bärend de Bengel falen a schle't un. Mat der le'ner Hand ower hält en nach de Buew um Dësch fest. Dé struewelt sei Méscht a sei Bescht, an de Bannhiddler, dén e bal net me' behält, schneit domm Gesichter. Bei der zwéter Stroph entwitscht de Buew zur aner Seit vum Dësch op de Buedem a spre'ngt dann huerteg zur d'Dîr aus. An der d'Dîr dre'nt en sech nach eng Ke'er em a mecht dem Bannhiddler an dem Wirt eng läng Nues. d'Studenten lâchen hémlech. No der zwéter Stroph dre'nt de Bannhiddler sech be's zo' de Studenten a sét verächtlech :)*

**Bannhiddler.** — Dir Daboen !

**Wirt.** — (*nach me' be's*) Dat elo, dat sin de' gre'sst Iéselen, de' op der Welt erëm gin ! Dre'nkt Eren Humpen aus, an da mächt Iéch fort, well hei sauft der ké me', a wann der erhe'ngert !

## 6. Opträet.

**Bannhiddler.** — An ech si bal erdîschtert. Elo werd meng Dröpp sëcher scho verläscht sin !

**Batt.** — Me' we' sëcher !

**Wirt.** — (*be's zum Batt*) Mä, da ge'ng dat dech sëcher neischt un, an de' aner mat ! 't wiér besser, dir ge'wt Iéch érer Sâche bekümmeren, dir Wisefrësser a Leidsgeheier !

Nékel. — Et de'ng eis ower léd, wann d'Leit hei neischt Ordent-leches ze dre'nke kre'gen.

Wîrt. — Bekëmmert Iéch érer Sâchen, soen ech, dre'nkt aus a macht Iéch virun d'Dir !

Ändri. — (*frech*) Eng Wirtschaft ass én öffentleche Lokal, an do kann é sëtze bleiwen, eso' lâng, we' é wëllt !

Wirt. — (*spre'ngt bei den Dësch*) Oho, dat wëlle mer gléwen ! ower net, wann én neischt me' dre'nkt ; an dir dre'nkt den Nowend neischt me', ech hun Iéch et jo scho gesot.

Baff. — Abé, eisen Humpen ass nach hallef voll; a bis en eidel ass, hu mer d'Recht hei ze sëtzen, a da gese'ch ech emol giéren dén, dén eis hei ge'w fortdreiwen !

Wirt. — Jo, dé geseis de elo geschwënn !

Bannhiddér. — (*dé bis dohinnen genä op alles uechtgin huet*) Komm, Wîrt, loss se gewärden ; mat Efalten ass dach neischt ze mâchen!

## 8. Optrët.

Bannhiddér. — (*wëlt seng Dröp dre'nken a schmächt, datt et Limonade ass. Am 5. Optrët hat den Aendri Limonade dra geschott, nodém de Bannhiddér d'Dröpp ausgedronk hat.*) Donnerwiéder, Wîrt, ass dat do Branntwein ; dat ass jo Limonade !

Wirt. — (*be's*) Wat ass dat ? — Limonade ? Du hues é Gesicht we' Limonade ! Dat ass de rengste Frûchtbranntwein. Hei kuck clei, aus dëser Fläsch. Vîrgeschter hun ech en re'cht kritt an direkt vum Brenner. Et ass fir ze lâchen.

Bannhiddér. — (*och be's*) Fir ze lâchen ? nén fir ze kreischen ass et ! A wanns d'en direkt vum Leiterkrunn geholl häss, 't ass Limonade a weider neischt, hondsgemenge Limonade ! Ech werd dach nach Limonade vu Branntwein z'ënnerschéde wëssen, wat eng !

Wirt. — (*ëmmer me' här*) Du fanks un, éfälleg ze gin ! Du hues dach gesin, we' ech hei aus dëser Fläsch geschott hun, hei aus

dëser, da rich emol! Do richt jo all Kand, datt dat Branntwein ass, a soss neischt, dommen Hond do!

**Bannhiddar.** — Dommen Hond do, dommen Hond do? Ah, eso', si mer eso' weit! Du bass én dommen Hond do! jo, é ganz dommen, da wésst d'et. Ech soen der jo, 't wor Limonade. A wann ech en net all an engem Schotz afgeschlëckt hätt, dann häss de können nôschmâchen, du Efalt do! An elo schëttst de mergleich eng aner eraus, an eng richteg, an de' e'scht bezuelen ech net, da wésst d'et, a wanns de dat net wëlls, da wor ech fir d'lescht heibannen, verstést de?

**Wirt.** — (*rôsen*) Oho, och dat nach! Du ge'ws de' e'scht net bezuelen, mä de' wiér nach me' gudd. Maija, da kiém jidderén, a wann en de Bauch voll hätt, ge'w e soen, et wor nëmme Limonade, maija, maija! Gés de erëm elo! (*hién hölt rëm d'Fläsch erbei*) Abé, da kriess de elo eng zwét, ower derno bezuelst de der zwe' a keng manner, a wann ech soll Hânsnëkel genannt gin...

**Bärend.** — An ech bezuelen nëmmen eng, a wann ech soll Haren op d'Stîr kre'en o'der Plattfe'ss durënnen an d'Schong...,! (*De Wirt dre't Fläsch erëm op hir Platz.*)

**Wirt.** — Abé, da kriss de elo keng!

**Bärend.** — (*spre'ngt op*) Ah eso', ech kre'e keng? (*zo' de Stodenten*) Dir Hären, dir sit Zeien, datt ech hei an der Wîrtschaft, den Nowend, ganz genä em halewer elef eng Dröp gefrot hun a keng kritt hun. An ech si net voll, ech hu ké Radau geschloen, an ech hu Suen an der Täsch.

**Stodenten.** — Jo, jo, dat könne mer bezeien.

**Bärend.** — (*zitt sei Notizbichelchen aus der Täsch, setzt d'Kâp rîcht, hölt sei Bengel. Feierlech :)* An de Protekoll doeriwer gët gleich op gesat. (*zo'm Wirt :*)

**Bärend.** — We' ass dei Nuem a Virnuem?

**Wirt.** — (*verächtlech*) Alen Iésel!

Bärend. — Hei ass sech neischt ze Iéselen ! Elo froen ech dech fir d'zwét. A wanns de dann net äntwerts, kriss d'én zwéte Pretekoll fir Amtsbelédegong. Hues de verstânen, an eso gét et virun.

Ändri. — (*stéppelt*) Dir huet recht, Här Bannhiddler, vun eso' enge Kiérele muss én sech net op d'Nues mâche lossen.

Bärend. — Ech froen dech also fir d'zwét : We' ass dei Nuem a Virnuem ?

Wirt. — (*vill me' gemitlech*) So, Bärend, bass de geckeg o'der gëst d'et re'cht ? Wuerfir sollst de dann fir eso' eng Efälligkét Pretekolle mâchen ? Je, je ! Si ge'wen nach um Gerîcht lâchen, wanns de mat eso' eppes dohiérke'ms, mat eso' Dommhéten !

Bärend. — Dat si keng Dommhéten, dat si ganz iérseht a wichteg Sâchen !

Wirt. — Abé, da se'w ro'eg, da kriss de eng Dröpp, mä derno be-zuelst de der zwo' !

Bärend. — (*sprengt rôsen op*) Do hält ower alles op ! Well hun ech es ower genug. (*hién ergreift sei Pennbengel fir op de Wirt lasszegoen. Dén erwësch de Stull, reisst en an d'Lûcht ... do stëmmen d'Studenten Pappelidd un. De Bannhiddler lisst de Bengel fâlen, de Wirt de Stull. Si dongen d'Kâpen of a sti stramm. Mä én werft dem aneren an engem Stëck gefteg Blëcker zo'. D'Studenten sangen an aller Gemitsro' de' drei Strophen a si fro', datt de' zwe'n eso' friendlech niéwentené stin. An der zwéter Stroph gét d'Dir op. Wirt a Bannhiddler sin zum Sall geke'ert a gesin et net. E Vagabond könnt eran, geseit se do stoen a schlauft hémléch hannert hirem Rëck bei de Comptoir. Hién hölt d'Fläsch mam Branntwein an d'Këscht mat den Zigarren a füsst sech hémlech dermat fort. An der Dir schle't et un, an dre'nt dem Wirt eng läng Nues. d'Studenten gesin et, soen ower neischt. Wann d'Lidd zo' Enn ass :)*

Bärend. — So, Wirt, lauschter emol ! Ech hu mer d'Sâch iwer-luegt, t' wor Limonade.... .

Wirt. — Nén, 't wor ké Limonade, 't wor richtigen, klore

Branntwein !

Bärend. — (*ganz ro'eg*) Dajé alt, mä 't wor es. Well ech ower eng Zeitehe fort wor, an an dér Zeitehe vleicht eppes mam Branntwein geschitt könnt sin (*hié blenzelt neischnotzeg no de Stodenten*), duerfir ass d'Sâch zweiwelhaft. Mir délen dann de Mëssel. Ech bezuelen dann d'Halschecht dervun, an du liss de' aner Halschecht falen; da gewënnst du nach me' we'ech. (*Hält d'Glas duer*) Dajé, da lisstdemech elo ower net nach eng Stonn wârden !

Wirt. — Averstanen. Du bezuels also derno eng an eng halew ! 15  
an 8 Su !

Bärend. — 15 a 7 gét och duer.

Wirt. — (*De Wirt gét bei de Comptoir a geseit, datt Fläsch fort ass an och d'Zigarren. Kuckt op allDëscher*) Wo' ass de' Fläsch dann hikomm ? Ech hat se dach elo grad duer just an d'Mëtt gesat ? An d'Zigarekësch ass och net do. (*Kuckt no de Stodenten:*) Männercher, dir huet dér Dommhéten den Nowend wellgrad genug gemâcht !

Batt. — (*spöttesch, mä o'ni ze lächen*) Mä, we' der ele'negter stramm gestanen huet, du ass vun do baussen é Mann erakomm, an en huet alles matgeholl. Hat dir en dann net gesin ?

Wirt. — (*we' avs de Wolleke gefall.*) Waat ? We' ? Wat sot der do ?  
Wién ass erakomm ?

Ändri. — E gro'sse, schwe'ere Mansmënsch mat engem ro'de Fischi. Wor et da ké vun erer Familjen ?

Wirt. — Egro'sse, schwe'ere Mansmënsch mat engem ro'de Fischi.. ?  
Mä wuerfir huet dir en dann net geste'ert o'der mech geruff ?  
Dat wor é Spëtzbuew.

Nékel. — Jo, 't wor iwert dem Sangen, an dann dueref én net ze schwätzen an net ze wibbeln, soss könnt én Affäre kre'en !

Wirt. — (*rôsen*) Eso' én Unfug ! Vun haut un kann dat Lidd gesonge gin, eso' dacks we' et wëllt, ech kucken net me' derno, a wann de Staatsminister an all Dîwiéschteren matenén doerëmmer wiéren ! Dat do ass jo de rengste Schwindel a Be-

dog an all Më'gleges. D'Hémechtsle'ft an E'erent, ma Efalt ass Efalt, an Dommhét ass Dommhét. Eso' ka jo all Neischnotz alles zum Onwé mâchen, an de' brav Biérger stin do, reissen de Mond op an dongen d'Kàp af a lossen alles goen, we' et gét! Eso' kann én Haus verbrennen, d'ganzt Dueref zesumfalen an d'Land, a mir Daboe stin do a lauschteren, a mân domm Gesichter (*ganz iérgerlech*) Ech peif engem op all Lidd a Pappeland...

### 10. Optrët.

(*Hannert der Bün he'ert én eng Auer élef schloen. De' an der Wirts-stuff sin, ste'eren sech net drun*)

**Baft.** — (*neischnotzeg*) Här Wirt, solle e mer et dann net nach eng Ke'er aus aller Kräft sangen, et ass loe'enschter eso' gudd gângen.

**Wirt.** — (*sprëngt op an ergreift e Stull*) «Ennerstitt Iiéch ! Da schloen ech é mam Stull hei op de Kapp, datt e mengt, d'Pappen- a d'Mammelänner vun der ganzer Welt ste'ngen em zo' Mond an Aen an O'eren eraus ! Dir Iéselen, dir ausgewuessen Duebel- uessen, de' dir sit !

**Nékel.** — Här Wirt, némmen nach eng Ke'er, eng énzeg Ke'er ; et gët elo eso' lues Polizeistonn, dat wiér e feine, richtige Schluss !

**Wirt.** — (*höllt erëm de Stull a wëllt op e lass. An dém Ableck gét d'vischt Dîr op, an é Gendarm könnt eran.*)

**Gendarm.** — Oho ! haltela ! Wat gët dann do ? Im Namen des Ge-setzes ... (*D'Studenten kucken én dén aneren un.*)

**Gendarm.** — Im Namen des Gesetzes ! Bleiwt alleguren stoen, wo' der stitt ! Datt kén sech énnerstét, é Schrëtt vun der Plätz ze dongen ! (*Et ass alles dobannen ganz ro'eg gin*)

**Gendarm.** — An d'Plätz bei Kamme'de ze schloen, sollt der lang allegueren dohém an de Better leien. Elo ass et schon zeng no éléf, an all, we' der heibanne sit, kritt der é Wirtspretekoll.

Wirt. — (*biédel*) O Här Wachtméschter, mir wollte jo grad elo ausernégoen, an ech mengen och, d'Auer op der Kirech ge'ng weit virgoen !

Gendarm. — (*stramm*) 't ass sech neischt hei virzegoen. Schluss dermatt. Allegueren git der opgeschriwen. (*Hié gét lues hannezeg bei d'Dir, datt kén entweiche kann an zitt sei Notizbichelchen, fir s'opzeschreiwen. Hié fánkt beim Wirt un.*)

Gendarm. — Eren Nuem a Virnuem ?

Wirt. — (*krëschereg*) Sebastian Zâp.

Gendarm. — geboren, wo' a we'ne' ?

Wirt. — dén 22 Brochmonds 1856, zo' Stuppig, bei der Stâdt,

Gendarm. — (*widerhuelt*) Zo' Stuppeg, bei der Stâdt, (*schreiwt*) den 22. Brôchmonds 1856. Sit der schon det Joer, zanter dem e'schle Januar, am gleiche Fall, dat héscht mat der Polizeistonn kritt gin ?

Wirt. — Durech meng Schold net, Här Brigartchen !

Gendarm. — Hei hu mer neischt ze froen no der Schold an no der Nëtschold, sit der schon eng Ke'er det Joer kritt gin ?

Wirt. — Eng Ke'er.

Gendarm. — We'ni wor dat ?

Wirt. — Gént den Hémo'nd.

Gendarm. — Sot mer dé genäen Dag an Datum !

Wirt. — 't wor zwe'n Dég no Gehansdag.

Gendurm. — (*schreiwt*) Dat gét dé 26. Juni. Huet der dé Pretekoll bezuelt.

Wirt. — Nén, ech bezuelen e muer !

Gendarm. — 't ass gudd. Nr. 2. (*hié mécht e Strëch a sei Bichelchen a kuckt zo' de Stodenter. Zum Batt:*)

Gendarm. — Eren Nuem a Virnuem ? (*An dém Moment stëmmen d'Studenten rëm d'Pappelidd un. De Gendarm lét huerteg d'Bichelchen an de Bleistift op den Dësch, stét stramm a schle't un. Iwertdém, datt de Gendarm steif virun sech ènnert de Publikum kuckt, fûsst sech de Bannhider*

bei d'Fënschter, klëmmt huerteg aus a mécht sech weg. Och d'Studenten ze'en sech iwert der zwéter Stroph bei d'Fënschter an én nom aner verschwënt derdurch an d'Nuecht. Dobaussen sangen se nach eng Zeitche virun, iwert dem Fortlafen. Wann d'Lidd ophält, wëllt de Gendarm d'Notizbichelchen erëm erbeihuelen, fir virunzeschreiwen, do geseit en, datt de' Borschten derdurech sin. Hié léft nach bei d'Fënschter, a jeitzt an Deischtert :) Im Namen des Gesetzes ! Im Namen des Gesetzes ! (et he'ert én neischt me' dobaussen.)

Gendarm. — (zum Wirt) 't ass egal ! Da sot dir mer elo d'Niém vun déne Kiérelen, dann ass et och gudd, da kre'e mer se dach !

Wirt. — Här Wachtméschter, dat kann ech net mam beschite Wëllen. De' drei do si Friémer, de' ech iwerhåpt net kennen ; si hu mech den Nowend iwigens rôse genug gemacht.

Gendarm. — Et si gewëss Friémer ! Allez hopp ! De' Geschichten gin hei net ! Hir Niém son ech, a bësche subito, son d'Italiener.

Wirt. — Nén, Här Wachtméschter, ech wéss sécher net, wién et wor !

Gendarm. — (streng) Abé, et ass och net ne'deg. Da bezuelt dir fir si mat. 4 wor der hei ; dir git d'Niém net un. Da wësst der jo, we' dat gerechent gët. 1 mol 56, a ve'er mol 18. An nach eng Ke'er det Joer erwëscht, da gët den Hôtel zo' gemâcht (*stécht Bichelchen an d'Täsch*) A gudde Nuecht da, bis eng aner Ke'er (Gendarm af)

### III. Optrët.

(Wirt eleng) Ech Dabo ! Ech Héperd ! Do stin ech proper do ! Eso' ass sécher nach ké beigelaf, datt d'Sonn opgét. Dat guew mech én deiert Pappeland.

R I D O

Im gleichen Verlag sind vom selben Verfasser erschienen :

**a) Humoristische Lieder**

- |                                 |           |
|---------------------------------|-----------|
| 1. Die Echternacher Postkutsche |           |
| 26 Strophen . . . . .           | frs. 1.50 |
| 2. Die zerstreute Bärbel        |           |
| 17 Strophen . . . . .           | frs. 1.50 |
| 3. Klos als Innenminister.      |           |
| 21 Strophen . . . . .           | frs. 1.50 |

Die Lieder eignen sich als Einleitung zu Theaterabenden oder zur Ausfüllung von Zwischenpausen.

**b) Humoristische Theaterstücke**

- |   |           |
|---|-----------|
| 1. De neien Dokter                                |           |
| 1 Akt. — 7 Männerrollen                           |           |
| 8 Rollenexemplare mit Aufführungsrecht . . . . .  | frs. 30.— |
| 2. De Professer Ve'ereck                          |           |
| 4 Akte. — 13 Männerrollen                         |           |
| 14 Rollenexemplare mit Aufführungsrecht . . . . . | frs. 40.— |
| 3. Eist Pappeland                                 |           |
| 1 Akt. — 9 Männerrollen                           |           |
| 10 Rollenexemplare mit Aufführungsrecht . . . . . | frs. 35.— |
| 4. De neie Fiéschier                              |           |
| 3 Akte. — 6 Männerrollen                          |           |
| 7 Rollenexemplare mit Aufführungsrecht . . . . .  | frs. 40.— |

---

Unberechtigtes Aufführen ist gesetzlich verboten und wird gerichtlich belangt.

---

Imprimerie-Librairie WINTER FRÈRES, Redange s/Att. -- Tel 54.